N°7208
Entrée le 22.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7208 vum 17. November 2022 vum Här Deputéierte Marc Lies.**

*Wéi laang daueren d'Aarbechte vum Ausbau op dräi Spueren vun der A3 vum Croix de Gaasperech bis hannert d'Aire de Berchem a béid Richtungen nach? Wei eng Gefierer däerfen an Zukunft déi nei drëtt Spuer benotzen?*

Entspriechend dem aktuelle Planning sollen d'Bauaarbechten um Ofschnëtt Croix de Gasperich – Aire de Berchem am drëtten Trimester 2024 ofgeschloss sinn.

An enger spéiderer Phase wäert d'Zouweisung op déi nei drëtt Spuer iwwert déi dynamesch Beschëlderung geschéien, sou datt dës Spuer der Verkéierssituatioun ka flexibel ugepasst ginn.

*Wou ass d'Regierung mat de Pläng vum „Echangeur de Hesperange" op Héicht vum Centre Douanier drun?*

Déi zukünfteg Configuratioun vum "Echangeur de Hespererange" ass ofhängeg vun der Entwécklung vum Quartier "Midfield". Wann dëse Projet bis gefestegt ass, wäert et méiglech sinn d'Etudë vum Echangeur weider ze verdéiwen.

*Wéini gëtt de Rond-Point Gluck ëmstrukturéiert?*

Den Ufank vun den Aarbechten um Rond-Point Gluck hänkt vum Ofschloss vun den Aarbechten an der Rue des Scillas an un der Bréck iwwert d'Autobunn tëschent Gaasperech an dem Houwald (Pont "Y") of. Momentan gesäit de Master-Planning 2019-2024 "Gare de Luxembourg – Kockelscheuer" en viraussiichtlechen Ufank vun den Aarbechten am éischten Trimester 2024 vir.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch